N°8278
Entrée le 31.08.2023
Chambre des Députés
Déclarée recevable
Président de la Chambre des Députés
(s.) Fernand Etgen
Luxembourg, le 31.08.2023

**Här Fernand Etgen**
**President vun der Chamber**

Lëtzebuerg, den 31. August 2023

Här President,

Esou wéi den Artikel 80 vum Chambersreglement et virgesäit, biede mir Iech, dës parlamentaresch Fro un den Här Minister fir Bannenzeg Sécherheet weiderzeleeden.

Am Kontext vum Personalengpass bei der Police wéilte mir folgend Froen un den Här Minister fir Bannenzeg Sécherheet riichten:

- Wéi vill Poliziste sinn aktuell vum Déngscht suspendéiert?
- Wéi vill Poliziste sinn aktuell an engem onbezuelte Congé (Congé sans traitement pour raisons personnelles)?
- Wéi vill Poliziste sinn aktuell net am Déngscht wéinst engem méi laange „Congé de maladie“?

Här President, mir bieden Iech, eisen déifste Respekt unzehuelen.

Laurent Mosar
Deputéierten

Léon Gloden
Deputéierten

N° 8278
Entrée le 21.09.2023
Chambre des Députés

LE GOUVERNEMENT
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG
Ministère de la Sécurité intérieure

**Äntfert vum Här Henri Kox, Minister fir bannenzeg Sécherheet op d'parlamentaresch Fro n° 8278 vum 31. August 2023 vun den honorabelen Députéierten Laurent Mosar a Léon Gloden**

Folgend Zuelen kann ech den honorabelen Députéierten op de Stéchdatum vum 1. September 2023 gekuckt, matdeelen :

- 18 Polizisten si vum Déngscht suspendéiert (Art. 15 vum Disziplinargesetz),
- 35 Polizisten sinn an engem onbezuelte Congé, sief et aus perséinlechen oder aus beruffleche Grënn (Art. 30 an 31.-2 vum Staatsbeamtestatut),
- 24 Polizisten sinn an engem laange Krankeschäin vu méi wéi 6 Wochen (Art. 22 Abschnitt 6 vum Staatsbeamtestatut).

Lëtzebuerg, den 21. September 2023

Den Minister fir bannenzeg Sécherheet

(s.) Henri KOX